N°423
Entrée le 05.03.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 05.03.2024

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 05/03/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Premierminister an d'Ministere fir Verdeedegung & Digitalisatioun weiderzeleeden.**

Dat opgehollent Gespréich tëscht 2 däitschen Generäl zu den Taurus Rakéieten huet fir vill Opreegung gesuergt. Mee net nëmmen d'Arméi leeft Gefor, fir een Zil vun Oplauschter-oder Hackingattacken ze ginn. Duerch déi méi onsécher international Situatioun gëtt d'Cybersecurity generell ëmmer méi wichteg, virun allem fir Entscheedungsträger beiom Staat.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. An der Fro n°2246 hate mir d'Regierung schonn iwwert d'Risike vun der Kommunikatioun tëscht Ministeren op Whatsapp oder aneren net gesécherte Messengerdéngschter opmierksam gemaach. Deemools huet d'Regierung erkläert, dass:

   > "D'Benotze vu Messenger-Déngschter wei z.B. Facebook oder WhatsApp vun de Verwaltungen a Servicer, souwuel am Austausch mat de Bierger wei och an der interner Kommunikatioun, gëtt net vun der Regierung recommandéiert."

   D'Situatioun ass haut, nom Ugrëff vu Russland op d'Ukrain, nach eng aner, wéi viru 4 Joer. Bleift d'Regierung dobäi, dass d'Kommunikatioun einfach nëmmen "net recommandéiert" ass? Oder sinn hei konkret Sécherheetsännerungen geholl ginn, déi d'Notzung vun net gesécherte Messengerdéngschter regelen?

2. Wei gesäit Regierung de Risiko vu Fuitten am Kader vun der interinstitutioneller Kommunikatioun a wei plangt Regierung dës ze limitéieren?

Mat déiwem Respekt,

POLIDORI Ben
Deputéierten